LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 08 JAN. 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 3189 du 23 novembre 2020 de l'honorable député Monsieur Max Hahn, concernant le non-respect du port d'un masque dans les transports publics, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 3189 vum 23. November 2020 vum honorabelen Deputéierte Max Hahn zum Sujet „Non-respect du port d'un masque dans les transports publics"**

D'Zuchpersonal ass ugewisen, fir wärend den Kontrollgäng an den Zich sécherzestellen, dass all Passagéier d'Maskeflicht respektéiert.

Onglécklecherweis profitéieren awer verschidden Passagéier fir nom Passage vum Kontroller hir Mask erëm erofzehuelen. Wann d'CFL-Personal feststellt, dass ee Client ouni Mask am Zuch sëtzt, gëtt dësen onverzüglech gebieden d'Mask erëm unzedoen. Am Fall vun engem Non-respect fir dëser Fuerderung nozekommen, huet d'Zuchpersonal d'Méiglechkeet fir de Passagéier aus dem Zuch ze verweisen.

Dem Zuchpersonal ass et rechtlech nët erlaabt d'Passagéier ze sanktionéieren. Dës Méiglechkeet ass der Police an der Douane virbehalen, déi onugekënnegt an a regelméissegen Ofstänn Kontrollen am ëffentlechen Transport duerchféiert.

An dem Zesummenhang huet d'CFL zesummen mat der Douane bis ewell un 10 Deeg an an 49 verschiddenen Zich Kontrollen organiséiert an et sinn 15 taxéiert Avertissementer ausgestallt ginn.

Am Kader vun engem Kontroll an der Gare Lëtzebuerg sinn 65 taxéiert Avertissementer geschriwwe ginn.

Zesummen mat der Police huet d'CFL u 4 Deeg an 34 verschiddenen Zich verstäerkt kontrolléiert, woubei keen taxéierten Avertissement huet missen ausgestallt ginn.

Insgesamt sinn bei dësen Kontrollen an den Zich 5 192 Leit kontrolléiert ginn.

Do dernieft ginn et keng weider Donnéeën, wou d'Passagéier am Zuch sech net un d'Maskeflicht gehalen hunn.